LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 13 avril 2018
Réf. N° QP 11/18

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°3687 du 12 mars 2018 de l'honorable député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Je vous prie, Monsieur le Ministre, de croire en l'expression de mes sentiments très distingués.

Félix Braz
Ministre de la Justice

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél. (+352) 247-84537
Fax (+352) 26 68 48 61
Adresse postale:
L-2934 Luxembourg
info@mj.public.lu
www.gouvernement.lu

136-000144-20041018-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Äntwert vum Här Félix Braz, Justizminister, op d'parlamentaresch Fro n° 3687 vum 12. Mäerz 2018 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser

Ad 1. Bei der Admissioun am CPL zu Schraasseg kréien d'Prisonnéier en Trousseau mat dësen Hygiènesartikelen: Shampoing, Duschseef, Seef vu Marseille, eng Zännbiischt, Zännseef, Geschierspullmëttel, an e Raséiermëttel. Duerno gëtt deen Trousseau all Mount nei un d'Prisonnéier verdeelt.

Ausserdeem kënnen d'Prisonnéier dës Hygiènesartikelen an der Epicerie vum Prisong kafen: verschidde Shampoingen an Duschseef, Seef, Biischt, Kamp, Lastiken, Hoerfierfmëttel, Gell, Gilletten, Raséierschaum, Aftershave, Zännbiischt, Zännseef, Mondspullmëttel, Haftcrème, Neelpëtz, Neelfeil, Vernis, Fangerneelbotzmëttel, verschidde Schminkartikelen (Lëppestëft, Mascara, Krayong Khol), Pincette, Spigel, Lingetten, Vaseline, Gesiichtswaasser, Parfumen, Gesiichts – a Kierpercrèmen, Nueschnappecher, Ouerestäbecher, etc.

Aus Sécherheetsgrënn ass et de Prisonnéier net erlaabt fir Hygiènesartikelen vun ausserhalb vum Prisong matzebréngen oder kommen ze loossen.

Ad 2. All Zell am Prisong zu Schraasseg ass équipéiert mat engem Lavabo, mat engem Spigel an enger Lavabostablett. All Prisonnéier huet e Schaf an deem hie seng perséinlech Saache kann araumen.

Ad 3. Sou wéi et den Artikel 89 vum ofgeännerte groussherzogleche Reglement vum 24. Mäerz 1989 iwwert d'Administratioun an den interne Regime vun de Prisongen (*règlement grand-ducal modifié du 24 mars 1989 sur l'administration et le régime interne des établissements pénitentiaires*) virgesäit gëtt d'Hygiène an d'Propretéit vun den Zellen am Prisong am Kader vu regelméissegen Inspectiounen duerch de Médecin-fonctionnaire kontrolléiert. Dat selwecht ass och de Fall fir d'Sanitairesinstallatiounen, d'Heizung, d'Beliichtung an d'Entlüftung vun den Zellen, d'Kleeder an d'Bettgedecks vun de Prisonnéier.

Ad 4. Am Prisong zu Schraasseg sinn am Moment 55% vun der Prisonnéier an Eenzelzellen ënnerbruecht. 38% vun de Prisonnéier hunn Duebelzellen, an déi aner Prisonnéier sinn zu dräi oder véier a méi groussen Zellen ënnerbruecht. Am Moment sinn d'Zellen zu Schraasseg net iwwerbeluegt.

136-000144-20041018-FR

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél. (+352) 247-84537
Fax (+352) 26 68 48 61
Adresse postale:
L-2934 Luxembourg
info@mj.public.lu
www.gouvernement.lu

Ad 5. Laut dem Artikel 318 vum uewe genannte Reglement vum 24. Mäerz 1989 kënnen d'Prisonnéier vum Direkter autoriséiert gi fir u Gesellschaftsspiller deelzehuelen, déi net nom Prinzip vun engem Gewënn fonctionnéieren.

D'Prisonnéier kënnen och Kaarte spillen, a Kaartespiller kënnen och an der Epicerie vum Prisong kaaft ginn.

Wat d'Schachspille betrëfft, sou dierfen d'Prisonnéier, och aus Sécherheetsgrënn, keng Schachbrieder oder Schachfiguren an de Prisong matbréngen oder komme loossen. An der Vergaangenheet huet d'Verwaltung Schachbrieder kaaft an de Prisonnéier zur Verfügung gestallt. Am Moment gëtt et awer keng Demande vun de Prisonnéier an deem Sënn.